# Escher Meedchen

**Ein Stück von Mandy Thiery**
**Théâtre d'Esch, Luxembourg**

**Regie: Rafael David Kohn**
**Ausstattung: Jörg Brombacher**
**Mit: Brigitte Urhausen**

Premiere 08.03.2018, Théâtre d'Esch
Karten unter: http://www.esch.lu/culture/theatre

„D'Mam huet dat eenzegt richteg gemaach: Se huet eis „Paus" bäibruecht. Dat , wat se selwer am Beschten konnt. Bevier een mat den Wierder ronderem hantéiert, muss een d'Paus beherrschen. Den Silence. Dee gehéiert beim Schwätzen dozou. Den richtegen Moment näischt ze soen ass di essentiell Basis vum Schwätzen."
Wat awar geschitt, wann Paus ze grouss gett? Wann den Silence onerdréiglech gett? Wann Wierder ufänken, an engem ze jäizen?
D'Mona huet vu klengem un geléiert, dass Wierder wéidoen kennen an et besser ass, den Mond ze halen. Aus Angscht, den aneren Leit wéizedoen, entscheet et sech dozou, seng Paus ze verbesseren, andeems et Fellwierder benotzt, laacht, Zigaretten ufänkt an Alkohol konsuméiert.
Den Silence gett zu engem stännegen Begleeder an sengem Liewen. Allerdéngs huet et net erwoard, dass sech all Wuert, dat net gesot gouf, an him hänken bleift an sech an all deenen Joren alles an him opstaut.
Vu baussen dréit d'Paus d'Mona ze erdrécken an vun bannen bauen all di onausgeschwaten Wierder Drock op, di gläich explodéieren. Lo muss et sech decidéieren: leist d'Mona sech vum Silence erdrécken oder léist et all di Wierder fräi, die sengem Emfeld schueden?